



De Reider

vun der Noumer Gemeng

N° 3 / 2025

Sommaire

- S. 6 Gemeng a Syndikater
- S. 24 Kommissiounen, Veräiner a
Leit
- S. 38 Schoul, Maison relais a
Crèche
- S. 46 Agenda



Informationsblatt vun der
Gemeng Noumer N° 3/2025

Editeur:

De Schäfferot vun der Noumer
Gemeng

Redaktioun:

Gemeng Noumer

Gestaltung:

Carine Schilling

Drock:

Autisme Luxembourg asbl
Papier Circle Offset, besteet zu 100% aus
recycléiertem Pabeier

Déi nächst Editioun vum Reider:

Viraussichtlech Enn Dezember 2025



Léif Biergerinnen a Bierger,



Ugefaange mat der Aktualitéit:

De Schäfferot ass frou lech matzedeelen, dass d'Gemeng vun der ministerieller Säit eng éischt Propose fir den Tracé vun der Vélospist tëschent Kruuchten a Miedernach matgedeelt krut. Hei ass et wichteg ze präziséieren, dass hirer Approche no fir d'éischt déi verschidde Ministère mussen hiren Accord ginn, éier ee ka mat de concernéierte Leit aus de Gemenge Kontakt ophuelen. Dëst wäert no enger weiderer Reunioun tëschent de Gemengen an de staatlechen Instanze geschéien.

Zudeem wëlle mer lech informéieren, datt an den nächste Joren de Projet vun der Alphabetisatioun op Franséisch Stéck fir Stéck an de Schoulen duerch d'Land applizéiert gëtt. Dëst gëtt de Kanner, déi eng romanesch Mammesprooch doheem schwätzen eng besser Chance hir schoulesch Ausbildung unzufänken. Heizou ziele Franséisch, Portugisesch, Italieenesch oder Spuenesch. Béi de Kanner déi doheem eng germanesch Mammesprooch schwätzen, bleift de System wéi en aktuell ass. Heizou ziele Lëtzebuergesch, Däitsch oder Englesch. D'Niewefächer, an deene Lëtzebuergesch geschwat gëtt, un deene béid Gruppen zesummen deelhuelen, wäerten aus engem sproochlechen, wéi och vun engem soziale Point de Vue (aus sozialer Siicht) eng grouss Wichtigkeet kréien.

Nach puer Wieder zu eise Bëscher:

An enger Zäit an där lokal Kreesser a kuerz Produktiounsweeër ëmmer méi Bedeitung kréien, stellt sech parallel och d'Fro, op déi grouss Unzuel u Moosnamen an Oplagen eng Hëllef sinn, oder op se net ufänken dem System ze schueden.

Den Tosch an Handel vu Géigestänn, mei spéit vu Servicer, huethistoresch ganz oft zu grousser Prosperitéit gefouert. Am nationalen, wéiam kommunale Kontext schéngt et awer schwéier d'Totalitéit vun de Besoineselwer ze produzéieren. Sou kéint een awer bei deem ufänken, wat ee kann. Dëstnom Beispill vun der Quetsch aus eiser Gemeng, déi duerch hier nationalwei och international Renommée eng grouss Nofro mat sech bruecht huet. Änlechhuet d'Holz aus eise Bëscher eng exemplaresch Qualitéit. Beim Bau vu Charpenten (Gespärer), Miwwel, Fënster, Biedem, oder Fässer kennen d'Stämm verwäert ginn anënnerstëtzen domat dat lokaalt Handwierk.

Eis Bëscher stinn awer aktuell ënner extremem Drock. Net nëmme mussen se déi klimatesch Ännerunge mat laangen dréche Perioden aus de leschte Joren duerchhalen, mee och vill aner Beräicher kompenséieren. Sou mussen d'Bëscher eng Retentioun fir de Staarkreen erméiglechen, well déi an de Siidlungsgebidd net méi duerginn. Se mussen d'Biodiversitéit erhale fir datt vill Stécker kënne landwirtschaftlech genotzt ginn. Se mussen eng grouss Unzuel u Fräizäitaktivitéiten erméiglechen. An zudeem mussen se d'Aartestierwe verhënneren. Sou kann een sech froen op et bei all deene Ufuerderungen un d'Bëscher och heiansdo nach em d'Beem selwer an em d'Holz geet? Et ass erstaunlech wéi d'Bëscher dat alles bis elo fäerdeg bruecht hunn. Dank enger jorelaanger nohalteger Forstwirtschaft (Bëschökonomie) vun eise Fierschteschen a Fierschter, bei där eng Selektioun vun de schéinste Beem am Aklang mat der Biodiversitéit gemaach gouf, konnten all des Aspekter zesummebruecht ginn.

op der Säit 5 geet et weider

Gemeng Noumer

Telefonzentrale / Standard téléphonique

83 73 18 - 200

Adresse

31, rue Principale
L-7465 Nommern

E-Mail Adresse / Adresse électronique

commune@nommern.lu

Einwohnermeldeamt

Bureau de la population

population@nommern.lu

Öffnungszeiten

Heures d'ouverture

lundi (sans rdv)*	8:00 - 11:30	14:00 - 18:00
mardi & jeudi (sur rdv)**	8:00 - 11:30	joignable par tél. telef. erreichbar
mercredi (sans rdv)*	8:00 - 11:30	14:00 - 16:00
vendredi	fermé	fermé

Dienstags und donnerstags sind wir zudem von 14:00 - 16:00 Uhr telefonisch erreichbar. En outre nous sommes joignables par téléphone de 14:00 - 16:00 les mardis et jeudis. Bei einem Todesfall freitags, an Wochenenden und Feiertagen können Sie folgende Nummer anrufen : 83 73 18 - 800

En cas d'un décès le vendredi, pendant les weekends et jours fériés vous pouvez appeler le numéro suivant : 83 73 18 - 800

Gemeindesekretariat

Secrétariat communal

Laurent Reiland Tel.: 83 73 18 - 210
secretariat@nommern.lu

Sabrina Nothar Tel.: 83 73 18 - 215
sabrina.nothar@nommern.lu

Carole Risch Tel.: 83 73 18 - 211
carole.risch@nommern.lu

Carine Schilling Tel.: 83 73 18 - 205
carine.schilling@nommern.lu

Yannick Zuidberg Tel.: 83 73 18 - 207
yannick.zuidberg@nommern.lu

Gemeindekasse

Recette communale

Nathalie Hallé Tel.: 83 73 18 - 220
recette@nommern.lu

lundi (sans rdv)*	8:00 - 11:30	14:00 - 18:00
mercredi (sans rdv)*	8:00 - 11:30	
jeudi (sur rdv)**	8:00 - 11:30	

Technischer Dienst

Service technique

Mike Scholtes Tel.: 83 73 18 - 250
technique@nommern.lu

Etienne Bayenet Tel.: 83 73 18 - 230
etienne.bayenet@nommern.lu

Natascha Kridel Tel.: 83 73 18 - 240
natascha.kridel@nommern.lu

Guy Seil Tel.: 83 73 18 - 801
guy.seil@nommern.lu

lundi (sans rdv)* 8:00 - 11:30 14:00 - 18:00
ou sur rendez-vous

Während der anderen Bürostunden ist der technische Dienst telefonisch erreichbar. Pendant les autres heures de bureau, le service technique peut être contacté par téléphone.

Schöffenkollegium

Collège des bourgmestre et échevins

Wir bitten Sie, Termine telefonisch beim Gemeindesekretär zu beantragen. Nous vous prions de bien vouloir demander un rendez-vous auprès du secrétaire communal.

Gemeindeförster

Préposé forestier

Serge Colbach Tel.: 621 202 159
serge.colbach@anf.etat.lu
Termine nur auf Anfrage
Uniquement sur rendez-vous

* ohne Termin

** nur nach Terminvereinbarung

hei ass d'Suite vum Virwuert

Ëmsou méi paradox schéngt et, wann elo säitens der Verwaltung driwwer diskutéiert gëtt d'Notze vum Holz a groussen Deeler vun der Seitert ze verbidden. Huet d'Geschicht eis net gewisen, wéi d'Seitert am éischte Véirel vum 19. Joerhonnert als sozial Reserve funktionéiert huet, a mam Verkaf vun Holz d'Gemeng hiren Awunner a schwéieren Zäite gehollef huet. (cf. G. Schumacher)

Ass de Späicher vu CO2 duerch de Bau mat Holz net een exemplarescht Beispill, wéi een dem Klimawandel kann entgéint wierken?

Mussen mer wierklech d'Holz vu wäit hier importéieren, dat oft net mat den Nohaltekeets Critère kultivéiert gouf, déi mer hei hunn?

Soll een net schonn eleng aus Respekt un der joerzéngtelaanger Aarbecht vun eise Fierschteschen a Fierschter, déi qualitativ gutt Stämm notzen, anstatt se faulen ze loossen?

Andeems mer an der Zukunft op de Wee vu gesonden a standuertgerechte Mëschbëscher ginn, ouni d'Nolebeem zur Totalitéit ze diaboliséieren, sinn ech zouversichtlech, dass mer weiderhin eng nohalteg Forstwirtschaft, déi dem Klimawandel entgéint wierkt, maache kënnen, ouni eisem Schwaarzstorch oder dem Besenmoos ze schueden.

Am Numm vum Gemengen- a Schäfferot, wënschen ech de Schüler a Studenten eng gutt Rentrée an lech all ee schéinen Hierscht.

Nicolas Decker

zweete Schäffen



Baugeneemegungen

Année	No.	Objet de la demande	Lieu	Date autorisation
2025	23	Rénovation de la façade et du toit d'une maison unifamiliale	6, Rue Principale 9184 Schrondweiler	22.05.25
2025	24	Mise en place d'une installation photovoltaïque	12, Rue des Chapelles 7421 Cruchten	22.05.25
2025	25	Construction d'une maison unifamiliale	40, Rue de l'Alzette 7420 Cruchten	30.05.25
2025	26	Construction d'une maison unifamiliale	5, Rue Schléf 7420 Cruchten	30.05.25
2025	27	Installation d'un parc solaire agri-photovoltaïque avec une station haute tension	Rue de l'Alzette 7420 Cruchten	16.06.25
2025	28	Mise en place d'une installation photovoltaïque	16, Rue des Chapelles 7421 Cruchten	20.06.25
2025	29	Construction d'une toiture de terrasse et de clôtures	19, Rue Principale 7420 Cruchten	20.06.25
2025	30	Rénovation du toit du bâtiment voyageur	1, Rue de la Gare 7420 Cruchten	20.06.25
2025	31	Mise en place d'une installation photovoltaïque	34, Rue de l'Eglise 7421 Cruchten	14.07.25
2025	32	Mise en place d'une installation photovoltaïque	6, Rehsemsswiss 9184 Schrondweiler	14.07.25
2025	33	Construction d'une maison unifamiliale	23, Huele Wee 7421 Cruchten	14.07.25
2025	34	Mise en place d'une installation photovoltaïque	13, Rue Geischleid 9184 Schrondweiler	28.07.25
2025	35	Construction d'un chemin d'accès	9, Rue Principale 7431 Oberglabach	28.07.25
2025	36	Mise en place d'échafaudages pour la réparation des fenêtres	6, Rue de l'Eglise 7420 Cruchten	28.07.25
2025	37	Agrandissement et changement d'affectation d'une maison unifamiliale en maison unifamiliale avec logement intégré	1, Ferme 7431 Niederglabach	31.07.25
2025	38	Construction d'un abri de jardin	7, Rue Geischleid 9184 Schrondweiler	14.08.25
2025	39	Mise en place d'une installation photovoltaïque	1, Rue Geischleid 9184 Schrondweiler	14.08.25
2025	40	Mise en place d'une installation photovoltaïque	18, Rue des Chapelles 7421 Cruchten	14.08.25



Gemengereglementer

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, les décisions ci-dessous sont portées à la connaissance du public :

Impositions communales

Par décisions du 4 juin 2025 le conseil communal a fixé le taux multiplicateur de l'impôt foncier pour l'année 2026, ainsi que le taux multiplicateur de l'impôt commercial pour l'année 2026. Lesdites décisions ont été approuvées par arrêté grand-ducal du 8 juillet 2025, ainsi que par décision du ministre des Affaires intérieures du 10 juillet 2025. La publication des décisions a été faite aux tableaux d'affichages officiels de la commune du 17 au 31 juillet 2025.

Lesdits taux sont respectivement indiqués dans le tableau ci-après :

Type	Taux (%)
Impôt foncier A	325
Impôt foncier B	325
Impôt commercial	300

Les délibérations en question sont à disposition des intéressés au secrétariat communal et peuvent être consultées sur le site internet communal www.nommern.lu dans la rubrique « Citoyens / Règlements et taxes / Règlements-taxa » ou dans la rubrique « Media Centre ».

Règlement de circulation à caractère temporaire

Par décision du 4 juin 2025, le conseil communal a confirmé le règlement de circulation urgent à caractère temporaire édicté le 29 avril 2025 par le collège des bourgmestre et échevins concernant la Rue Principale à Cruchten.

Ladite décision du conseil communal a été approuvée par la ministre de la Mobilité et des Travaux publics en date du 17 juin 2025, ainsi que par le ministre des Affaires intérieures en date du 25 juin 2025, réf. : 322/25/CR.



Biergerbedeegung En neie Festsall an Duerfplaz zu Noumer



De 14. Juli haten d'Awunnerinnen an Awunner aus der Gemeng Noumer d'Méiglechkeet, op enger Biergerbedeegung aktiv iwwee d'Gestaltung vun engem neie Festsall an enger Duerfplaz matzeschwätzen.

Dofir war nieft dem Schäfferot och d'Architektin Diane Heirend present, genee wéi och d'Anna Pohl vum Büro Zeyen & Baumann, déi zoustänneg ass fir den Urbanismus a fir de Projet vum Parking an d'Gestaltung vun der Duerfplaz zu Noumer. Weider war och d'Jessica Cimander vum Landwirtschaftsministère dobäi. Si ass zoustänneg fir d'Duerfentwécklung an der Regioun Mëllerdall.

Bei der Biergerbedeegung ass et virop drëms gaangen, d'Iddie vun de Biergerinnen a Bierger fir eis gemeinsam Zukunft ze sammelen.

Déi verschidden Diskussiounen sinn opgespléckt ginn an zwee Atelier. Deemno konnten d'Biergerinnen a Bierger sech a méi enger klenger Grupp e Bild vum Projet maachen a mat de Verantwortlechen diskutéieren an hire Bléck op d'Zukunft vun eiser Gemeng matdeelen.

D'Architektin Diane Heirend huet den neie Festsall zu Noumer erkläert a preziséiert, datt elo nach Zäit ass ze intervenéieren.

Den neie Festsall soll d'Méiglechkeet bidden, méi kleng Fester ze organiséieren, et kann Theater do gespillt ginn an och eng Chambre froide an eng Kichen oder eng Kitchenette solle Plaz fannen. Iwwer déi genee Opdeelung vu Chambre froide, Kichen, Comptoir an Toilettë gouf et animéiert Diskussiounen. Dobäi sinn eng ganz Partie konstruktiv Iddie vun de Biergerinnen a Bierger zesummekomm. De Sall soll fir en Theater engem 120 Leit Plaz bidden, fir en lesse mat Dëscher solleng eng 80 Leit erapassen. Fir Baler ass den neie Festsall éischer net geduecht, dës solle weiderhin am Keller zu Noumer sinn.

Wat d'Duerfplaz an de Parking ugeet wëll een engersäits eng gréisser Duerfplaz kreéieren, anerersäits brauch een awer och Parkméiglechkeeten an eng Plaz, wou d'Schoulbusser dréine kënnen. D'Duerfplaz kéim virun den neie Festsall a géif also och d'Méiglechkeet bidden, bei gréissere Fester och d'Plaz baussent dem Festsall ze notzen. Weider kéint een deen Ament och nach déi aner Säit vun der Strooss, um neie Parking, Zelter opriichten. Esou kéint een e gréissert Duerffest an Zukunft organiséieren.

Eis Jubilaren

Den 21.05. huet d'Madamm Freimann Lydie vu Kruuchten am Krees vun hirer Famill hiren 90. Gebuertsdag gefeiert.

D'Buergermeeschtesch Sophie Diderrich an d'Schäffen Ariane Toepfer an Nicolas Decker ware frou, kënnen um Dag selwer der Madamm Freimann zu hiren 90 Joer ze gratuléieren.

De ganze Schäffen- a Gemengerot wënscht der Madamm Freimann nach vill Jore bei gudder Gesondheet dobäi.



Stroumdeelen – E Modell fir d'Zukunft

D'Gemeng Noumer geet gären op de Wee vun der Energieautonomie. Mat engem ambitiöse Plang fir Solarenergie, Autoconsommation an Energiepartage wëlle mir net nëmmen d'Klimaziler erreechen, mee och d'Bierger aktiv an d'Energiewende abannen.

De 6. Mee 2025 huet d'Klima-Agence zesumme mat de Klimateams aus de Gemengen Noumer, Fëschbech a Fiels en Informatiounsowend zu Kruuchten organiséiert.

Mat dobäi war de Schäfferot aus der Gemeng Noumer, de Lucien Brosius, Buergermeeschter aus der Gemeng Fëschbech an de Fielser Schäfte Luc Jemming, genee wéi d'Klimapaktberoder aus der Fiels, den Olivier Martin, a vu Fëschbech, d'Carine Kolber.



D'Zil war et, d'Awunner iwwer d'Méiglechkeeten ze informéieren a se ze motivéieren, aktiv dorunner deelzehuelen. Am Kader vun dësem Owend huet Sarah Daemen vun der Klima-Agence d'national Stroumdeelen-Initiativ presentéiert.

Si huet erkläert, wéi lokal produzierte Stroum a verschiddene Radiesse gedeelt ka ginn – <100 Meter, <300 Meter oder regional/national. Dëst erlaabt eng flexibel Uwendung vum Modell, jee no Situatioun.

Produzéieren, deelen, profitéieren

Zënter dem Joer 2021 ass d'Elektresch-Produktioun am Gemengegebitt däitlech geklommen. Dofir ass et wichteg, eng nohalteg Energienotzung ze erméiglechen. An der Gemeng Noumer ass dank der grousser Unzuel un Photovoltaikanlagen op de landwirtschaftleche Betriber schonn aktuell d'Stroumproduktioun méi héich wéi d'Consommation. Am leschte Joer waren et +- 7 Milliounen Kwh Produktioun zu 6 Milliounen Kwh Consommation. Hei muss natierlech preziséiert ginn, dass dat een theoretische Wäert iwwer dat ganz Joer gekuckt ass. An de Wanterméint kann d'Consommation weiderhin d'Produktioun iwwerschreiden.

Verschiede Modeller vun Autoconsommation – individuell, kollektiv oder als Energiecommunautéit – erlaben et, d'elektresch Energie lokal ze produzéieren an tëscht de Bierger ze deelen.



D'Konzept vum Stroumdeelen ass flexibel a passt sech un déi verschidden Zorte vu Wunnformen un. Résidences oder Nopeschgruppe kënnen eng kollektiv Autoconsommation organisieren. Fir méi grouss Gruppen, mat enger Distanz vu bis zu 300 Meter tëscht de Participanten, kënnen Energiecommunitéite gegrënnt ginn. D'Gemeng encouragéiert d'Grënnung vun ASBLen oder Kooperativen, jee no Gréisst a Struktur vum Projet.

Am dësem Kader huet den Nicolas Decker, zweete Schäfte vun der Gemeng Noumer, zesumme mat der Ënnerstëtzung vum Schäfferot, eng konkret Iddi presentéiert, wéi den nationale Modell lokal kéint ëmgesat ginn. Zil ass et, Energiegemeinschaften an der Gemeng ze grënnen, fir de lokal produzierte Stroum effizient ze deelen. Dëst soll d'Bierger zesummebréngen an eng Win-win-Situatioun schafen:

- Produzente kréien e bessere Präis fir hire Stroum
- Konsumente bezuele manner wéi beim klassesche Fournisseur
- Et entstinn wirtschaftlech Virdeeler duerch d'Vermeidung vun Netzkäschten a Steieren

Finanziell Hëllef a Klimabonus

De Staat an d'Gemenge bidde Subventionen, fir d'Awunner bei hirem Energieprojet ze ënnerstëtzen. Bis zu 50 % vum Invest fir Photovoltaik-Installatiounen kënnen iwwer de Klimabonus gedeckt ginn. Installatiounen am Modus Autoconsommation kënnen zousätzlech vun engem variable Rachat-Tarif profitieren, wat d'Rentabilitéit weider erhéicht.

Digitaliséierung an Transparenz

Mat digitale Plattformen wéi weshareenergy.lu a leneda.lu kënnen d'Bierger hir Energieflëss iwwerwaachen, deelen an analysieren. D'Smarty-Ziler erméiglechen eng prezis Repartitioun vun der Energie op Basis vu Consommationsprofilen, wat fir eng transparent a gerecht Verdeelung suergt.

Wat muss ee maachen?

Fir beim Stroumdeele matzemaachen, muss eng Demande beim Gestionnaire de Réseau gestallt ginn. Duerno gëtt eng Konventioun mat de Participanten ënnerschriwwen an d'Detailer ginn definéiert. Optional kann eng Kooperativ oder eng ASBL gegrënnt ginn, fir

d'Organisatioun ze vereinfachen. D'Klima-Agence bitt gratis Berodung – am Gemengebüro, per Telefon oder iwwer Visio.

Dir wëllt bei dëser Initiativ matmaachen?

Produzéiert Dir selwer Stroum a sidd gewëllt Äre Stroum ze deelen?

Wa jo, wéi vill Stroum produzéiert Dir?

Dir selwer produzéiert kee Stroum, wiert awer dorunner interesséiert, Stroum zu engem gudde Präis ze consomméieren?

Wiert Dir och bereet, administrativ eng Hand mat unzepaken?

Sidd Dir interesséiert, lech an enger Stroum-Kooperativ ze engagéieren?

Wann d'Iddi vum Stroumdeelen lech interesséiert, da kënt Dir Är Äntwerten an och weider Froe per Mail un nicolas.decker@nommern.lu schécken.

Eng éischt Auszeechnung fir d'Gemeng Noumer - Lëtzebuerger Gemenge stäerken hiert Engagement fir d'Klima



Op dem 13. Klimapaktdag hu sech Gemengevertrieder, Partner an Experten zesummefonnt, fir konkret Léisungen ze diskutéieren, déi d'energetesch Transitioun an de Klimaschutz op lokalem Niveau ënnerstëtzen. D'Buergermeeschtesch Sophie Diderrich an den zweete Schäffen Nicolas Decker waren zesumme mam Buergermeeschter Lucien Brosius an dem Jerry Kirtz aus der Nopeschgemeng Fëschbech present.

De Minister Serge Wilmes huet betount, datt d'Gemengen eng Schlësselroll spillen, well si national Ziler a lokal Aktiounen ëmsetzen.



Den Klimapaktdag zu Diddeleng war e konkret Beispill fir dës lokal Dynamik. Moies waren interaktiv Ateliere mat de Klima-Teams aus de verschiddene Gemengen. D'Theme waren:

- Smart Cities an digital Infrastrukturen
- Klimaneutral Gemeng bis 2050
- Energie-Suffizienz als Resilienzstrategie
- Effizienz bei kommunale Gebaier

Dës Ateliere hunn den Austausch vu Wëssen an Erfarunge gefërdert an d'Gemengen dozou ugestëppelt, innovativ Approchen ze entwëckelen.



Am Nomëtteg waren d'Konferenzen um Site Op der Schmelz, enger aler industrieller Friche zu Diddeleng. De Prof. Lothar Eisenmann vun der Universitéit Heidelberg huet an engem Impulsvertrag d'Kategoriséierung vun Treibhausgaser als analytesch Basis fir de Klimapakt virgestallt. De Minister Wilmes huet an enger Ried op zukünfteg Subsiden a geziilte Berodung beim Bau higewisen. Ausserdeem gouf den iwwerschaffte Subsideprogramm „Fonds climat et énergie“ presentéiert, deen nei finanziell Instrumenter fir Gemengen a Privatleit bereetstellt.

Am Kader vum Klimapaktdag goufen 18 Gemenge fir hir Efforten zertifizéiert. Der Gemeng Noumer gouf eng éischt Kéier e Präis vu 40 % erreicht – eng wichteg Etapp fir d'Gemeng.

Zënter dem Start vum Klimapakt 2.0 am Joer 2021 hu scho 96 Gemengen eng Zertifizéierung kritt. Fir si op hirem Wee zur Klimaneutralitéit ze begleeden, gëtt eng strukturell, technesch a finanziell Ënnerstëtzung ugebueden. D'Klima-Agence huet eng kloer Methodologie virgestallt, déi de Gemenge bei der Ëmsetzung vu konkrete Moosnamen hëlleft.



Neie Mataarbechter



Léif Awunnerinnen an Awunner,

ech sinn de Yannick Zuidberg, 30 Joer al, a schaffen zanter dem 1. Juli op der Noumer Gemeng. Virdrun hunn ech siwen an en halleft Joer als Journalist beim RTL geschafft. Mäin Ofschloss hunn ech am ALR zu Réiden gemaach.

A menger Fräizäit maachen ech gäre Sport a war och fënnef Joer hei beim DT Noumer als Spiller aktiv.

Elo sinn ech zeréck an der Noumer Gemeng a sinn elo virop zoustänneg fir Kommunikatioun, Evenementer, Veräiner a Kommissiounen. Sollt Dir mech enzwousch gesinn an der Gemeng an en Uleies hunn, da kommt gären op mech duer.

Ech freeë mech, mat iech all zesummenzeschaffen an op vill flott Evenementer.

Yannick Zuidberg



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil



Vous accueillez du public ? Rendez vos lieux plus accessibles avec le soutien financier de l'État.

L'accessibilité est une **obligation légale**. En rendant vos locaux accessibles, vous améliorez l'accueil de tous vos visiteurs — tout en bénéficiant d'une **aide financière de l'État**.



Jusqu'à **24.000 € d'aides** pour financer 50 % des coûts : Travaux, conseils, expertises



Bâtiment existant ? Votre dossier doit être déposé au plus tard le **1^{er} juillet 2028** sur **MyGuichet.lu**. Les travaux doivent être terminés avant le **1^{er} janvier 2031**.



LEADER Regionou Mëllerdall



GWÖ GOES EUROPE: BESUCH AUS DEM LEIPZIGER MULDENLAND IN DER GEMEINDE NOMMERN

Im Rahmen des transnationalen Projekts „The good life: Gemeinwohl(ökonomie)“ durften die LEADER-Regionen Wëlle Westen und Mëllerdall am 6. und 7. Mai 2025 eine Delegation aus ihrer deutschen Partnerregion, dem Leipziger Muldenland, begrüßen.

Am ersten Tag standen Besuche gemeinwohlorientierter Projekte in der LEADER-Region Wëlle Westen auf dem Programm. Der zweite Tag führte die Gäste in die Region Mëllerdall – genauer gesagt in die Gemeinde Nommern.

Empfangen wurde die Gruppe von Bürgermeisterin Sophie Diderrich, die einen Einblick in verschiedene Initiativen innerhalb der Gemeinde gab. Vorgestellt wurden unter anderem die Spendenaktion Télévie 2024 mit Initiativen wie den beliebten After Work-Treffen, der Einsatz von Bummel- und Late-Night-Bussen sowie das Projekt Creos Living Lab.

Anschließend besuchte die Delegation das Gemeinschaftsgartenprojekt Permakultur um Luusshaff in Schrondweiler, wo Projektinitiator Gast Reckinger das Konzept der Permakultur anschaulich erläuterte. Den Abschluss bildete ein gemeinsames Mittagessen in der Epicerie am Duerf, ebenfalls in Schrondweiler. Dort stellte Gilles Nuss die Idee hinter dem Dorfladen mit regionalen Produkten und angeschlossenem Restaurant vor.

Der Besuch bot nicht nur spannende Einblicke in lokale Projekte, sondern stärkte auch den grenzüberschreitenden Austausch rund um das Thema Gemeinwohl.



Mehr zum Projekt:



Natur- & Geopark Mëllerdall

Feuchtbiotope im Natur- & Geopark Mëllerdall

Während eines Spaziergangs in den warmen Monaten erklingt hier und da das facettenreiche Quaken von Fröschen oder man entdeckt sogar farbenfrohe Libellen. Diese Eindrücke sind untrennbar mit den Feuchtbiotopen verbunden, welche als Weiher, Tümpel oder auch Feuchtwiesen vor Biodiversität nur so strotzen. So gehören diese Lebensräume auch fest zum Lebenszyklus unserer heimischen Amphibien, wie unter anderen der Grasfrosch, die Erdkröte oder der Bergmolch. Aber auch eine Vielzahl von angepassten Pflanzen und Insekten lassen sich nur hier finden, welche wiederum selbst als Nahrungsgrundlage für Vögel und Fledermäuse dienen. Um diese zunehmend bedrohten Biotope gezielt als Bestandteil unserer Landschaft zu erhalten und nachhaltig zu fördern, startete Ende 2024 das Projekt „Feuchtbiotope – Kammolch, Kleingewässer“ im Natur- & Geopark Mëllerdall.

Im Rahmen des Umweltfond-Projekts werden in den nächsten Jahren neue Weiher angelegt oder Areale wiedervernässt, um dem Rückgang der Anzahl von Feuchtbiotopen entgegenzuwirken und zum Arterhalt beizutragen. Zentrale Zielart in der Neuanlage ist hierbei der regionaltypische und seltene Kammolch, der vor allem in vegetationsreichen warmen Stillgewässern im Offenland mit genügend angrenzenden Offenlandelementen (z. B. Heckenstreifen, Lesesteinhaufen oder Totholz) vorkommt. Auch bestehende Feuchtbiotope und ihre Randstrukturen werden künftig über das Projekt aufgewertet, um diese in einen günstigen Erhaltungszustand zurückzuführen und diesen langfristig aufrechtzuerhalten. Ein weiterer Aspekt ist die Verbesserung des Biotopverbunds, also der Möglichkeit für Arten, sich zwischen den verschiedenen Biotopen zu bewegen und neue Weiher zu besiedeln. Essenziell hierfür ist die Identifizierung von Amphibienwanderwegen und die Verringerung von bestehenden Wanderhindernissen oder -barrieren. Zuletzt widmet sich das Projekt auch den sich ausbreitenden Amphibienkrankheiten, die zunehmend für heimische Arten wie den Feuersalamander, eine existenzbedrohende Gefahr darstellen.

Aktuell ist der Natur- & Geopark Mëllerdall auf der Suche nach Landwirten oder Privatpersonen, die Interesse an Umsetzungen auf ihren Flächen haben. Hierfür und zu allen Fragen rund um Feuchtbiotope, Amphibien und Amphibienwanderungen, besteht die Kontaktmöglichkeit über:

Julian Heinze
T 26 87 82 91-36
julian.heinze@naturpark-mellerdall.lu



Sie haben mehr Obst an ihren
Bäumen als Sie verwerten können?

Sie sind auf der Suche nach regionalem Obst,
wissen aber nicht, wo Sie dieses finden können?



KIERFCHEN.LU

DIE INTERAKTIVE PLATTFORM RUND UM OBSTBÄUME

kierfchen.lu verbindet Anbieter und Suchende –
schnell, einfach, kostenlos. Entdecken Sie auch
regionale Produkte, Bienenstellplätze,
Pachtflächen oder Erntemaschinen.



kierfchen.lu

Helfen Sie mit, unsere artenreichen
„Bongerten“ zu erhalten – ob als Erntehelfer,
Tierhalter, Konsument oder Produzent.

Betreut durch den Natur- & Geopark Mëllerdall mit Unterstützung des Umweltministeriums.

Kürbisse: Sorten, Geschmack & Verwendung

Mit dem Herbst beginnt die Hochsaison für Kürbisse. Von den weltweit über achthundert Sorten sind jedoch nur einige für den Verzehr geeignet. Sie unterscheiden sich deutlich in Farbe, Form, Geschmack, Textur und Einsatzmöglichkeiten in der Küche. Zierkürbisse hingegen sind meist klein, auffällig geformt und schmecken unangenehm bitter. Grund dafür ist der Bitterstoff Cucurbitacin. Er ist giftig und kann bei Verzehr zu schweren Magen- und Darmbeschwerden führen.

Gesund & vielseitig

Kürbis ist ein besonders kalorienarmes Gemüse, das viel Wasser und dennoch wertvolle Nährstoffe, darunter vor allem Beta-Carotin, Kalium und Ballaststoffe, enthält. Damit unterstützt er die Gesundheit auf vielfältige Weise, etwa die Sehkraft, das Immunsystem, die Regulierung des Blutdrucks und die Verdauung.

Beliebte Speisekürbisse im Überblick

Hokkaido-Kürbis

Der Hokkaido zählt zu den beliebtesten Speisekürbissen. Er hat einen nussartigen Geschmack, seine Schale wird beim Garen weich und er muss nicht geschält werden. Das macht ihn besonders praktisch für die schnelle Alltagsküche.

Verwendung: Suppen, Eintöpfe, Ofengerichte, Pürees.

Butternut-Kürbis

Er ist birnenförmig mit glatter, blassgelber Schale. Sein orangefarbenes Fruchtfleisch ist cremig und mild, mit einer leicht buttrigen Note.

Verwendung: Ofengemüse, Suppen und Currys, aber auch in süßen Rezepten wie Waffeln oder Kuchen.

Muskatkürbis

Dieser gerippte Kürbis hat meist eine dunkelgrüne, manchmal auch eine bräunliche Schale und ein intensives, fruchtig-würziges Aroma mit einer feinen Muskatnote.

Verwendung: Suppen, Gratins, Chutneys, sogar Konfitüren.

Spaghettikürbis

Einzigartig unter den Kürbissen: Das gegarte Fruchtfleisch zerfällt in Spaghetti-ähnliche Fasern. Sein Geschmack ist mild, mit leichtem Nussaroma.

Verwendung: Als Alternative zu Pasta: einfach halbieren, backen oder dämpfen, Fruchtfleisch auskratzen und mit Sauce servieren.

Ob herzhaft oder süß – Kürbisse sind vielseitig, gesund und regional verfügbar. Besonders Hokkaido- und Muskatkürbisse gedeihen gut in Mitteleuropa. Wer saisonal einkauft, genießt nicht nur frisch, sondern auch nachhaltig.

Kürbisflammkuchen

Zutatenliste für 4 Portionen

Teig:

150 ml Wasser
 150 g Weizenmehl
 150 g Dinkelvollkornmehl
 1 Prise Salz
 2,5 EL Rapsöl

Belag:

350 g Hokkaido-Kürbis-Fruchtfleisch
 2 rote Zwiebel
 125 g Speisequark
 125 g Crème fraîche
 200 g Ziegenfrischkäse (oder Feta)
